



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Mars Di Bartolomeo, Président

2. Excuses de M. Gast Gibéryen suite à des propos tenus lors d’une interview donnée le 17 mars 2015 à RTL Télé Lëtzebuerg

- M. Gast Gibéryen

3. 6653 - Projet de loi portant création d’un comité du risque systémique et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Eugène Berger

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Franz Fayot, M. Henri Kox, M. Justin Turpel

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

4. 6765 - Projet de loi relatif à la cession d’un terrain domanial au Fonds de compensation commun au régime général de pension

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt

- Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Franz Fayot, M. Henri Kox, M. Justin Turpel

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 6764 - Projet de loi relatif à l’acquisition de l’immeuble «Cité policière Grand-Duc Henri - Kalchesbréck»

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Guy Arendt

- Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Franz Fayot, M. Henri Kox, M. Justin Turpel

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 6767 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

- Rapport de la Commission des Finances et du Budget: Mme Joëlle Elvinger

- Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Frank Arndt, M. Henri Kox

- Prise de position du Gouvernement: M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 6696 - Projet de loi portant approbation de l’Accord relatif à une juridiction unifiée du brevet, signé à Bruxelles, le 19 février 2013

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l’Immigration: Mme Claudia Dall’Agnol

- Discussion générale: M. Claude Wiseler, M. Gusty Graas, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

8. 6730 - Projet de loi portant approbation de l’accord d’association entre l’Union européenne et la Communauté européenne de l’énergie atomique et leurs États membres, d’une part, et la Géorgie, d’autre part, signé à Bruxelles, le 27 juin 2014

6731 - Projet de loi portant approbation de l’accord d’association entre l’Union européenne et la Communauté européenne de l’énergie atomique et leurs États membres, d’une part, et la Moldavie, d’autre part, signé à Bruxelles, le 27 juin 2014

6732 - Projet de loi portant approbation de l’accord d’association entre l’Union européenne et la Communauté européenne de l’énergie atomique et leurs États membres, d’une part, et l’Ukraine, d’autre part, signé à Bruxelles, le 27 juin 2014

- Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l’Immigration: Mme Claudia Dall’Agnol

- Discussion générale: M. Laurent Mosar, M. Gusty Graas, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes

- Votes sur l’ensemble des projets de loi et dispenses du second vote constitutionnel

9. 6598 - Projet de loi autorisant l’État à participer au financement des travaux de modernisation et d’extension de la ZithaKlinik

- Rapport de la Commission de la Santé, de l’Égalité des chances et des Sports: Mme Cécile Hemmen

- Discussion générale: M. Jean-Marie Halsdorf, M. Alexander Krieps, Mme Josée Lorsché (Mme Lydie Polfer intervient), M. Roy Reding, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Romain Schneider, Jean Asselborn, Fernand Etgen, Pierre Gramegna et Mme Lydia Mutsch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - E schéine gudder Mëtteg, eis Sëtzung ass op.

Huet d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Den Här Gibéryen freet sech d’Wuert. Här Gibéryen, Dir hutt d’Wuert.

2. Excuses de M. Gast Gibéryen suite à des propos tenus lors d’une interview donnée le 17 mars 2015 à RTL Télé Lëtzebuerg

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, datt ech d’Wuert kritt hunn, fir an enger perséinlecher Saach hei kënnen Stellung ze bezéien. Ech si gëschter Owend an engem Bericht, deem RTL Televisioun gemaach huet am Zesammenhang mat mengem Parteikolleg, deem am Abléck an der zweeter Instanz an engem Prozess veruertheelt ginn ass, gefrot ginn, wat ech dovun géif halen. An ech hu fir d’Éischt erkläert, datt ech der Meenung sinn, datt an der Constitutioun steet, wat d’Bedéngunge sinn, fir datt ee kann Deputéierter sinn: Lëtzebuurger, 18 Joer, d’Zivilrechtler hunn.

An ech hunn dunn e Saz gesot, dat ass deen, deen op der Televisioun komm ass: „Wa mer géifen higoen a mir géife soen, wann een Deputéierten an iergendenger Form condemnéiert gëtt...“, da misste vill Deputéierter vun hirer Fonctioun zrëcktrieden.“

Ech war mer net direkt bewosst, wat ech do gesot hunn, an eise President war esou „fein“, géif ech soen, fir mech de Moien dorobber opmierksam ze maachen. An ech hu mer deen Text dunn nach eng Kéier ugehéiert, a wéi ech en du gelies hunn, du wusst ech och, wat ech falsch gemaach hat. Well dat, wat ech wollt

soen, wat ech am Kapp hat, ass awer net dat, wat ech gesot hunn. Wat ech wollt soen, war: Wann an der Vergaangenheet all Kéiers, wann en Deputéierten oder e Politiker condemnéiert gi wier, en hätt missen zrëcktrieden, dann hätten der misse scho vill zrëcktrieden.

Dat hunn ech awer net gesot! Dat, wat ech gesot hunn, dat ass esou gesot, wéi wann dat sech op dat heite Parlament géif bezéien. An dat ass faktesch falsch! An duerfir wëll ech mech hei vis-à-vis vun de Kolleeginnen an de Kolleegen an lech, Här President, entschëllege fir déi Ausso, déi ech do gëschter Owend gemaach hunn, well déi ganz einfach falsch ass.

Mir ass net bekannt, datt iergendwéi een aneren heibannen ass - ausser deem Prozess, dee momentan vis-à-vis vum Roy Reding usteet -, deen an iergendenger Form während senger Mandatszäit iergendwéi e Prozess gehat hätt a condemnéiert gi wier. Et ass net meng Manéier, fir Politik ze maachen, fir de Mann ze treffen! Ech maache gären haart Politik, mä ech si gär fair vis-à-vis vun de Kolleeginnen a Kolleegen an ech wëll beileiwe keen a senger perséinlecher Eier blesséieren. Mat dëser Ausso hätt kënnen jiddweree sech heibanne getraff fillen.

A wann een als Deputéierten esou eng Ausso mécht, da weess ech dat, da gëtt gesot: „Ma de Gibéryen huet gesot «e puer»“, deen Dag drop sinn et der vill, an déi Kéier drop ass et bal d’ganz Chamber, déi an där Situatioun ass. Dat ass net de Fall.

An duerfir, wéi gesot, Här President, wëll ech mech hei offiziell... (veuillez lire: offiziell entschëllegen), duerfir wollt ech dat och an ëffentlecher Sitzung maachen. An ech hunn och RTL driwwer informéiert, datt ech dat maachen, fir datt si kënnen och hir Nolauschterer..., do hunn ech zwar keen Afloss, mä ech hu se awer gebieden, fir hir Nolauschterer iwwert déi falsch Ausso, déi ech gëschter Owend gemaach hunn, do ze informéieren an et an dat richtegt Bild ze stellen.

An ech hoffen, datt Der meng Entschëllegung unhuet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech soen dem Här Gibéryen Merci an ech mengen

am Numm vun de Kolleegen an de Kolleeginne kënnen ze schwätzen, dass déi Entschëllegung ugeholl ass an dass dat, wat en iwwert dëst Parlament elo gesot huet, absolut richtig ass. Merci.

Mir géifen dann zum éischte Punkt vum Ordre du jour iwwergoen. Do geet et ëm de Projet de loi 6653 iwwert d’Schafe vun engem Comité du risque systémique. An de Rapporteur vum Projet, den Här Eugène Berger, huet direkt d’Wuert.

3. 6653 - Projet de loi portant création d’un comité du risque systémique et modifiant la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Eugène Berger (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, 2008 ass eis globaliséiert Finanzwelt vun enger Zort Aerdbieue gerëselt ginn, wéi mer et an esou engem Ausmooss nach net kannt haten. Et kann ee soen, mat Schockwellen, mat engem Tsunami, dee sech als Kris praktesch iwwert déi ganz Welt, iwwert de ganze Planéit ausgedehnt huet a wou mer haut nach mat de Schied an den Dégâte vun deemools ze schaffen hunn.

Dir wësst alleguerten, ech schwätze vun der Finanzkris an der Wirtschaftskris, déi duerch déi sougenannten „subprimes“ an den USA 2008 ausgeléist gi sinn. Ech ginn elo net méi an den Detail vun deene ganze Geschichten an. An zwee, dräi Sätz: Ech mengen, Dir wësst, do waren zum Deel vill Banken, déi hu massiv wackeleg Préten, Kreditter ginn am Immobiliensektor, oder de Leit ginn, déi domadder sech awer iwwerfuert hunn.

Op där anerer Säit sinn och eng ganz Rei riskant, komplex Finanzproduiten, déi herno guer kee méi verstanen huet - Montagen - agesat ginn, fir Risikoe vermeintlech kënnen ofdecken. Et kann een eigentlech soen, datt do ganz vill ongedeckte Schecken ausgestallt gi sinn, ebe mat all deene Konsequenzen, déi mer do kannt hunn. An et war jo och esou, datt do net eng eenzel Bank, en eenzelt Institut dran

implizéiert war, mä dat war e System. Do waren e ganze Koup, eng Hällewull vun Instituter weltwäit, déi doranner implizéiert waren. An dat war jo och dat, wat deen enorme Risiko war.

Mir kennen d’Suiten alleguer: Dat Kaartenhaus ass zesummegefall ebe mat deene Répercussiounen. Et hat net nëmme Répercussiounen op eng, zwou Banken, mä op eng ganz Rëtsch vu Banken, Instituter op der ganzer Welt. Och aner Secteure ware betraff, den Immobiliemarché, Assurancësektor an esou weider. Mir hate Faillitten, déi ganz Ekonomie ass weltwäit an d’Wackele komm, Aarbechtsplaze si verluer gaangen an esou weider. An eigentlech, déi Kris vun 2008 mat deene Répercussiounen op d’Weltwirtschaft, déi hu mer eigentlech haut nach. Also et sinn do nach Effeten, déi eis haut nach sauer - kéint ee soen - opstoussen.

Och Lëtzebuerg ass net verschount bliwwen, mir wëssen dat. Et kann een och kucken, wann een d’Budgeten oder d’Zuele vun deemools kuckt - 2008, 2009 -, da gesäit een, wat dunn och hei zu Lëtzebuerg lass war. An ech mengen, mir jo och als Finanzplaz waren do och mat betraff. Mir hate jo och hei zu Lëtzebuerg systemesch Banken, déi do a Schwieregkeete komm sinn. Dat deet ëmmer wéi, esou eng Saach, wann een eng wichteg Finanz- a Bankeplaz ass.

Firwat kouw et zu esou engem globale Kollaps? Firwat zu esou enger enormer systemescher Kris? Jo, ebe well et an den USA, well et an Europa deemools keng Surveillance macroprudentielle gouf. 2009 huet d’Europäesch Kommissioun e Rapport erstallt, wou dann och ebe kloer mam Fanger op déi Lacunne gewise ginn ass, wou ebe gewise ginn ass: Et gouf eng limitéiert Surveillance vun eenzelnen Instituter, eenzelnen Entreprises, mä et hat ee keng Vue d’ensemble vun deem Ganzen.

Et muss een och soen, déi national Autoritéiten haten deemools - ech mengen, an den USA, mä och op anere Plazen, an Europa - oft keng prezis Informatiounen iwwert déi komplex Finanzproduiten, iwwer hir Ausmoossen, iwwert d’Verstréckungen iwwert d’ganz Welt. Et muss een och wëssen, datt do zum Deel falsch Informatiounen gestreet gi sinn. Ech denken nëmmen un déi Ratingen, déi do dann deemools och an Amerika zum Beispill ausgestallt gi sinn.



Bref, et gouf bei der Iwwerwaachung vun den Instituter eng exklusiv Approche microprudentielle, an domadder war een ebe blann fir d'Relationen zwëschent den eenzelnen Instituter an eben och d'Interdépendance vun all deene Systemer, vun all de Secteuren, wann do grouss Risikoen opgebaut gi sinn.

An Europa war, wéi een esou schéi seet, „lessons learned“ ugesot an duerfir gouf dunn 2010 en europäesche Comité du risque systémique an d'Liewe geruff, mat dem Zil eben, fir e macroprudentielle Contrôle vun de Finanzsystemer an der Europäescher Unioun an d'Weeër ze leeden an eben och domadder dann déi finanziell Stabilitéit an Europa ze garantéieren. Et wollt een eigentlech - ech hat virdru vun Aerdbiwe geschwat - eng Aart Fréiwarnsystem opbauen, fir datt et net méi zu engem neien Aerdbiwe kéim respektiv datt et net méi géif zu Schied an Dégâte kommen.

Et sinn zwou Recommandatiounen vun deem CRS, vun deem europäesche Comité du risque systémique ausgestallt ginn, eng 2011 an eng 2013. Wat soen déi Recommandatiounen? Ben, all Memberland soll eng national Autoritéit chargée fir de Contrôle macroprudentiel. Déi national Autoritéite solle sech dann och Instrumenter ginn, fir eben dese Contrôle effikass ausféieren. Si solle sech och Objektiver setzen, fir d'Standfestegkeet vum Finanzsystem ze stäerken a virun allem ze kucken, datt sech net ze vill systemesche Risk usammelt.

An dat ass eigentlech genau dat, wat mer dann elo hei, Här President, mat deem Projet de loi, dee mer haut de Mëtten diskutéieren an hoffentlech och wäerte stëmmen, ëmsetzen. Mir setzen déi Recommandatiounen ëm a mir setzen dann zu Lëtzebuerg hei e Comité du risque systémique en place.

Kuerz déi puer Haaptelementer vum Gesetz, éischters d'Zesummesetzung vun deem Comité: De Comité ass zesummegesat aus Vertrieeder, Représentant vum Finanzministère - de Finanzminister selwer am beschte Fall -, vun der Banque centrale vu Lëtzebuerg, der CSSF an dem Commissariat aux Assurances. Et sinn Diskussiounen ginn, ob dat déi richtig Zesummesetzung wier, ob een net kéint eng aner Méiglechkeet hunn. Et gi verschidde Modeller an Europa. An der Belsch an a Frankräich zum Beispill, do ass et éischter d'Banque centrale, déi lokal oder déi zoustänneg national Banque centrale, déi dee Comité oder déi Surveillance mécht. Et ginn awer och Länner, wéi Däitschland, wou dann och éischter e Comité mat enger Rei vun Institutionen dran ass.

Bon, et ass esou, datt mir eben dee Wee hei gewielt hunn. Et muss ee soen, datt d'Banque centrale européenne en Avis och geschriwwen hat, déi eigentlech och insistéiert huet fir dee Modell mat der Banque centrale als Haapt- oder als eenzegem Comité. Den Avis vum Statsrot ass éischter an déi aner Richtung awer gaangen, eben an déi Richtung fir dat, wat mir oder wat d'Regierung proposéiert huet. Ech muss soen, datt mer e ganz interessanten, flotten Austausch haten och mat deenen Akteuren - ënner anerem CSSF, Banque centrale du Luxembourg, Commissariat aux Assurances -, wou mer awer - dat ass kloer dobäi erausgaangen - e grouse Konsens hunn ebe fir dee proposéierte Modell mat deene véier Instanzen.

An et muss ee jo och kucken: Wéi ass d'Situation hei zu Lëtzebuerg? Mir hunn eigentlech schonn eng Rei Aufgaben, Kompetenz vu Contrôle, vläicht net an deem Sënn macroprudentiel, awer trotzdem esou sektoriell Contrôlen, déi jo och schonn elo bei der CSSF, beim Commissariat aux Assurances, bei der Banque centrale leien, an déi kéint een deene jo och eigentlech net ewechhuelen. Ech mengen, et ass eigentlech hei d'Grondiddi, fir all déi Kompetenzen, all deen Know-how, déi Capacitéite fir eben d'Surveillance ze bündelen an engem Comité.

Am Avis vun der Banque centrale européenne, wann Der dee gelies hutt, déi insistéieren op alle Fall op déi wichteg Roll vun der Banque centrale nationale. An et muss een och soen, hei an eisem Modell behält och d'Banque centrale an deem Comité eng wichteg Roll. Si assureiert de Sekretariat. Si stellt de Sekretär eigentlech duer. An dat ass awer eng wichteg Fonctioun an esou engem Comité, well déi jo awer am Endeffekt d'Avisen ausstellen, d'Recommandatiounen, d'Informatiounen sammeln, esou datt een also do awer e wichtege Posten trotzdem innerhalb vun deem Comité bekleet.

Et muss een och soen: D'Banque centrale kann net bei Décisiounen an deem Comité oder bei Avisen iwwergaange ginn. Et ass esou, datt mer dat an d'Gesetz ageschriwwen hunn, datt also all Décisiounen, Publikatiounen, Avisen mussen à l'unanimité geholl ginn am Comité. Et ass eigentlech en anere Wee, fir ze soen, datt

eigentlech och jiddwereen e Vetorecht am Prinzip hätt. Dat heescht, wann een net domat d'accord ass, zum Beispill d'Banque centrale, da kéint dee jo awer och verhënnere, datt et dann zu enger Décisioun kënnt. Ech mengen, dat ass also e wichtege Punkt oder et sinn e puer Erklärungen, firwat dee Comité esou ausgesäit a wéi en dann och wäert fonctionnéieren.

Bon, ee Punkt, deen och - ech ginn net en détail op alles an -, mä ee Punkt, deen de Statsrot och opgeworf huet, wou en och eng Opposition formelle an d'Spill bruecht huet, dat ass dee vun der Confidentialitéit vun den Informatiounen, déi d'Vertrieeder vun deene verschidene Gremie mat an de Comité bréngen. Dat ass och d'Fro vun dem Secret professionnel.

Mir sinn och an engem neien Artikel dorop agaangen. Et muss jo kloer sinn, datt déi eenzel Memberen - dat si jo nëmme Représentant vum hiren Instituter oder Gremien - musse kënnen déi Informatiounen mat erabréngen, well dat si jo déi Informatiounen, op déi herno eventuell..., wou ee gesäit: Hei, do ass e Problem, do musse mer eventuell eng Recommendation maachen. Et brauch ee jo eigentlech déi Informatiounen. Wann een déi net kéint mat erabréngen an dee Comité, da wier dat fir d'Aarbecht eigentlech wierklech kontraproduktiv.

An et ass eigentlech awer esou, datt mer dann ebe gekuckt hunn, fir dat esou ze schreiwen, datt eigentlech deen neie Comité dann och, et kéint ee soen, eng „communauté de confidentialité“ ass, fir datt eben dann déi sensibel Donnéeën awer innerhalb vun deem Comité kënnen ausgetosch ginn an awer innerhalb vun deem musse kënnen bleiwen.

Ech mengen, et ass och kloer, datt déi Leit, déi an deem Comité sinn, ëmmer nëmme Représentant vum hirem Ministère oder vun hire Gremie sinn an datt se do natierlech net en tant que personne privée, mä eigentlech als Représentant stinn. An et muss ee jo och da wëssen, datt déi eenzel Leit, zum Beispill an der CSSF oder am Commissariat aux Assurances, déi hunn an hire Loi-organiquen dat och geregelt vun där Responsabilitéit.

Mir hunn och gesinn, oder mir hunn dunn och hei d'Geleeënheet genotzt - well bei der Loi organique vun der Banque centrale, déi jo och eigentlech ëmmer am Intérêt public handelt, dat do eigentlech net virgesi war vun där Fro vun der Responsabilitéit, vun där perséinlecher Responsabilitéit -, fir datt mer also hei och an engems d'Loi organique vun der Banque centrale an deem Punkt, ech géif soen, „verbesseren“.

Ech hat virdru scho vum Fonctionnement vun deem Comité geschwat. Et ass esou, datt d'Présidence beim Finanzminister läit, d'Sekretariat, wéi gesot, bei der Banque centrale. Si solle minimum zwou Réuniounen d'Joer hunn. Si kënnen der awer och méi maachen. D'Membere kënnen sech ersetze loosse. Décisiounen kënnen awer nëmmen an deem Gremium geholl ginn, wa mindestens zwee „Hauptrepräsentanten“, fir et emol esou ze formuléieren, do sinn.

Wat sinn d'Aufgabe vun deem Comité?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Rapporteur, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Ah, ech versichen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Gitt e bësse Gas!

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Ech versichen, dat dann esou schnell wéi méiglech ze maachen, Här President.

D'Aufgab vum Comité ass also, fir Informatiounen ze sammelen, ze analyséieren, ze erkennen, ob iergendwou e Risiko besteet. Ech mengen, hei zu Lëtzebuerg komme véier, fënnf systemesche Banke virun allem a Fro. Wa se gesinn, datt e Problem ass, da mussen eigentlech déi Clignotanten ugoen. Si mussen also en Avis formuléieren, eng Recommendation formuléieren, fir deem entgéintzewierken.

Mä wat mécht ee mat deenen Avisen, Recommendationen, déi Concernéiert? Dat heescht natierlech, déi Leit, déi am Comité sinn, deenen hir Gremien, mä awer och déi Finanzakteuren, Finanzinfrastrukture kréien dat zougstellt an déi musse sech dann explizéieren, dat heescht, nom Prinzip „comply or explain“. Dat heescht, si mussen do déi Saache suivéieren oder soen, firwat datt se dat net maachen. Ech mengen, en dernière instance kann een natierlech och als Législateur do intervenéieren, wann ee wierklech gesäit, do ass e grouse Problem.

Här President, ech fueren dann e bësse méi schnell. Ech war mer net esou bewosst, datt ech...

Et ass de Modell 1, Här President?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Neen, et ass de Modèle de base.

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Ah, dat ass...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A mir hunn en zesumme fixéiert.

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Jo, ech ka mech... Entschëllegt, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- An ech mengen, de Fraktiounspräsident a Rapporteur muss mam gudden Beispill virgoen.

► **M. Eugène Berger** (DP), *rapporteur*.- Jo! Neen, do ginn ech lech honnert Prozent recht, Här President! Ech war wierklech elo..., ech ka mech erënneren, datt mer an der Conférence des Présidents de Modell 1 an d'Spill bruecht haten. Mä dann entschëllegt, da maachen ech dann nach méi schnell, fir awer da mam gudden Beispill virzegoen.

(*Hilarité*)

Mä ech wollt awer eng Explikatioun ginn an, ech mengen, nach ee Wuert just zur Publicitéit vun deenen Avisen: Et ass natierlech kloer, datt do perséinlech Donnéeën oder Donnéeën, déi sensibel sinn, net solle publizéiert ginn, well dat jo och kéint negativ Répercussiounen op en Institut kréien, mä datt se awer an engem jährleche Rapport sinn.

An dat war nach - dat ass da mäi lescht Wuert - e wichteg Uleies vun der Cofibu: Dat ass awer och, datt d'Cofibu jee nodeem, wa wierklech e gréissere Problem ass, datt déi kann à tout moment informéiert ginn, datt een also och déi Méiglechkeet weiderhin huet.

Voilà! Här President, ech soen lech Merci fir Är Indulgence, datt Der mer do e bësse méi Zäit ginn hutt. Ech sinn op alle Fall frou, datt mer elo esou e Comité du risque systémique an d'Liewe ruffen. Dat ass am Intérêt vun der Stabilitéit vun eiser Finanzplaz, vum Standuert Lëtzebuerg. An ech géif hei och den Accord vu menger Fraktioun eraginn.

Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Och wann dat net nom Reglement virgesinn ass, géif ech mengen, dass dann en Deel vum Retard récupéréiert ass iwwert de mandatéierte Spriecher. Also nach eng Kéier en Appell u jiddwereen, sech un d'Riedezäit ze halen! Mir kréien elo eng Rei vu Sätzungen, wou dat ganz wichteg gëtt. A mir wëlle jo och net bis an d'Nuecht hei setzen. Merci!

Dann huet deen nächste Riedner d'Wuert, den Här Franz Fayot.

(*Interruption*)

Ah, entschëllegt!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech si schonn hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Entschëllegt, Här President, Dir sidd esou präsent ëmmer, datt ech lech bal vergiess hätt.

(*Hilarité*)

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här President, dat ka virkommen an deene beschte Familljen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi iwwert d'Schafung vun engem Comité du risque systémique muss een eigentlech am Zesummenhang gesinn op där enger Säit mat eiser Legislatioun iwwert d'Bankenunioun, awer och op där anerer Säit mat engem anere Projet de loi, dee mer an deenen nächste Woche wäerten och hei zur Diskussioun an zur Ofstëmmung kréien, nämlech d'Surveillance vum Finanzsektor.

All des Projeten hunn a sech een Objektiv, nämlech deen, eis Finanzplaz op méi stabil féiss ze setzen, andeem se se och engem méi intensive Contrôle ënnerwerfen. An ech mengen, an deem Kontext muss een och de Projet de loi vun haut de Mëtte gesinn, deen a sech e wichtege Mosaiksteen an där ganzer Surveillance duerstellt, well en niewent deem Contrôle microprudentiel, deen eigentlech eng CSSF ausüübt, eigentlech elo en Element vu macroprudentielle Vuë mat erabréngt. An ech mengen, dat ass en interessante System vu Fréiwarnung.

An de Rapporteur, deem ech wëll fir seng detailléiert a sachkundeg Berichterstattung Merci soen, huet jo och virdrun déi eenzel Elementer vun deem Comité vum systemesche Risk beschriwwen, soudatt ech mech op ganz e puer Observatiounen ka limitéieren.

Aleedend, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, badouere mir e bëssen, datt et trotzdem esou laang gedauert huet, ier mer dese Projet de loi konnten op den Instanzewee setzen. Ech mengen, et hätt enger Finanzplaz wéi

Lëtzebuerg guttgedoen, wa mir zu deenen éischte Länner gehéiert hätten, déi dese Projet ëmgasat hätten. Leider Gottes ass dat aus enger Rei vu Grënn net méiglech gewiescht. Mir hoffen op jidde Fall, datt bei anere Projeten, op déi ech och elo nach ze schwätze kommen, datt mer do da vläicht e bësselche méi schnell virukommen.

Wat de Fong vum Projet ubetrëfft, wollt ech eigentlech just nach eng Kéier soen, datt mir och d'Approche vun der Regierung begrëssen, net op de Wee ze goen, dee Comité an déi Missionen do enger Zentralbank, wéi et an anere Länner de Fall ass, ze iwwerdroen, mä hei eng eegen Institutioun dohinnerzesetzen, déi aus deene véier groussen Autoritéite besteet, déi jo och dann hauptsächlech responsabel fir d'Gestioun vun eiser Finanzplaz sinn.

Erlaabt mer, och nach do eng Kéier drop hinzeweisen, datt mer frou sinn, datt d'Zentralbank awer hei de Sekretariat mécht. An an deem Kontext a well ech einfach vun der Geleeënheet wëll profitéieren, a well ech och hei uewe stinn, wollt ech awer och nach eng Kéier de Finanzminister froen, wéi et do mat der Kapitalopstockung ass. Dat ass e Sujet, deen och erëm eng Kéier de President dovunner an d'Diskussioun bruecht huet. Do wäere mer vläicht herno och frou, wann de Minister eis kéint eng Äntwert ginn.

Eng zweet Iwwerleung, déi och scho vum Rapporteur hei virbruecht ginn ass, ass déi, datt mer mengen, datt déi Avisen a Recommendationen vun deem Comité sech natierlech net an engem lofteidele Raum solle bewegen, mä datt et och do soll zu engem Austausch vun Informatiounen kommen. Austausch, bien entendu, um europäeschen Niveau, notamment mam europäesche Comité vum Risque systémique, awer och en Austausch hei zu Lëtzebuerg, notamment mam éischte Pouvoir, nämlich mat der Chamber, wou et och wichteg wär, datt regelméisseg iwwert déi Avisen diskutéiert gëtt.

Eng drëtt Observatioun, déi ech wollt hei maachen, ass déi, datt mer elo net nëmmen duerch dese Projet de loi, mä och duerch eng Rei aner Projet-de-loien awer amgaange sinn, d'Contrainté fir d'Finanzplaz a fir hir Akteuren, ganz besonnesch fir d'Banken, wesentlech méi grouss ze maachen. An eleng de Fait, fir sech un d'Standarde mussen unzepassen, wäert derzou féieren, datt de Käschtepunkt vun där Reglementatioun fir d'Banken an hir Akteuren ëmmer méi grouss wäert ginn. An do solle mer eis näischt virmaachen, dat wäert ganz besonnesch fir méi kleng Banke ganz schwierig ginn. An ech mengen, do soll een och net ënnerschätzen, datt dat effektiv kéint emol derzou féieren, datt eng Rei méi kleng Banke wäerte mussen ophalen, well se einfach dee Käschtepunkt dovunner net méi wäerte packen.

Dann als allerlescht Observatioun, Här President - an da sinn ech och schonn um Enn vu mengen Ausféierungen -, wollt ech och nach eng Kéier op déi Problematik hiweise vum „level playing field“. Mir sinn amgaangen hei an der Europäescher Unioun, d'Lat ëmmer méi héich ze leeën, wat d'Regulatioun vun de Finanzsecteuren ubetrëfft, wat a sech och eng positiv Saach ass. Et mierkt een awer ëmmer méi, datt eis amerikanesch Partner amgaange sinn, do net richtig méi nozekommen. Si hunn eng ganz Rei vu wicthegen Accorden - ech nennen hei nëmme Basel II, Basel III, MiFID - nach ëmmer net ëmgasat an et gëtt een d'Ge-fill och net lass, datt si eigentlech och net richtig wëlle sech do den europäesche Standarden upassen.

Mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint do zousätzlech Erausforderungen kréien am Kader vum TTIP, am Kader vum TISA, wou sech och d'Fro stellt, ob d'Amerikaner iwwerhaupt bereet sinn, mat op de Wee vun enger Reglementatioun ze goen. Mir, an dat wëll ech awer hei och nach eng Kéier nohalteg ënnersträichen, mussen op jidde Fall ëmmer erëm drop insistéieren, datt deen „level playing field“ net nëmmen an der Europäescher Unioun weider Gültigkeet huet, mä och ausserhalb vun der Europäescher Unioun.

Dat gesot, Här President, géif ech heimadder den Accord vun eiser Fraktioun zum Projet de loi bréngen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Mosar. An nächste Riedner ass dann elo de Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot** (LSAP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, ech



géif gäre mengen zwee Virriedner Merci soen, a besonnesch dem Eugène Berger, dem Rapporteur, fir säi ganz gudder méndlechen a schréfftleche Rapport.

Här President, d'Finanzkris vum 2008 huet gewisen, dass och scheinbar gesond Banken a Finanzinstitute, déi eenzel gutt superviséiert a kapitaliséiert sinn, net resistéieren kënnen, wann de perfekte Stueren kënnt oder den „Tsunami“, wéi de Rapporteur et genannt huet. Fir deen nächste perfekte Stueren fréizäiteg ze erkennen an dogéint eppes ënnerhuelen ze kënnen, schafe mer haut de Comité du risque systématique.

Ech wëll déi puer Minutten, déi ech hei hunn, notzen - bei dësem ganz wichtege, trotz Modèle de base e ganz wichtege Projet de loi -, fir e puer Remarques ze maachen zu dësem Projet de loi. Et ass scho vill gesot gi vu menge Virriedner, an haaptsächlech iwwert d'Missiouen an de Fonctionnement vun dësem Comité, soudass ech do net méi muss drop agoen.

Déi éischt Observatioun ass, dass d'Aarbecht - de Laurent Mosar huet dat och schonn indiquéiert - vun dësem neie CRS sech wäert an engem neien europäesche Kontext vun der Supervisioun vum Finanzsektor arien. Sait 2011, dat wësst Der, hu mer schonn u sech d'Supervisioun um europäeschen Niveau mam Système européen de surveillance financière. An dëse Mouvement gëtt mat der Union bancaire nach verdéift. Sait dem 4. November 2014 hu mer de Mécanisme de surveillance unique an ab 2016 wäerte mer och e Mécanisme de résolution unique hu fir d'Ofwécklung vu marode Banken.

Eist Land verléiert do, an dësem wéi an aneren Texter, e gewëssent, e klengt Stéck Souveränitéit an der Ausrichtung vun der Iwwerwachung vu sengem Finanzsektor. Hei muss een awer, mengen ech, iwwert den Tellerrand kucken an et muss ee gesinn, dass et trotz allen nationale Retizenze fundamental wichtege ass, richtig ass, dass de Finanzsektor an insbesonnesch systemesch Finanzinstitute europäesch musse surveilléiert ginn, souwuel um micro-wéi och um macroprudentielle Plang.

Et ass diskutéiert gi vu menge Virriedner och d'Roll vun der Lëtzebuerger Zentralbank an dësem CRS. Der Europäescher Zentralbank ass se net wäit genuch gaangen. An ech mengen, dass deen Text, dee mer elo hunn - an do hu mer och an der Cofibu driwwer geschwat -, u sech jiddwereen zefriddestellt, och d'Lëtzebuerger Zentralbank. E baut op op den däitsche Modell, de Modell vum Collège, deen och u sech relativ gutt der Lëtzebuerger Tradition vum Dialog entsprécht zwëschen deene verschiddenen Autoritéiten, y compris dem Ministère des Finances, wéi dat sech och an där leschter Finanzkris vum 2008 erweisen huet. Et ass also an eisen Aen eng gutt Léisung.

Mir hunn och an der Cofibu, an dat ass och schonn ugeschwat ginn, iwwert de Secret professionnel geschwat. Et war ganz kloer fir eis, an de Statsrot huet déi Diskussioun jo u sech lancéiert, et war ganz kloer fir jiddwereen, dass et do misst effektiv kënnen en Échange ginn an deem Comité an dass déi Secreten, deenen déi verschidden Autoritéiten (veuillez lire: deenen déi verschidden Autoritéiten ënnerleien), déi Member si vun deem Comité du risque systématique, net dierften dozou féieren, dass déi néideg Informatiounen fir eng effikass Aarbecht an deem Comité net kéinte partagéiert ginn, soudass dat u sech am Fong eng relativ evident Léisung ass. An d'Gesetz huet jo och do verschidde Modifikatiounen gemaach a Loi-sectoriellen, Loi-organique vun deenen Autoritéiten, déi dat nach net haten.

Et ass och eng Diskussioun gefouert ginn an der Cofibu iwwert d'Zoustännegkeet vun dësem CRS fir de Sektor vum „shadow banking“. Den „shadow banking“ ass trotz sengem llicht dächteren an ominéisen Numm am Fong näischt anescht wéi en fait de Secteur, dee parallel ass zu de Banke fir d'Verdeele vu Kredit, dat heescht fir d'Kreditvergab. Et ass also eng Realitéit, déi extrem breet ass an déi immens Volumen elo schonn unhëlt.

De Financial Stability Board huet de Volume vun dësem Sektor fir 2013 op ganzer 75 Trilliarden Dollar estiméiert, wat enorm ass! A wat u sech och munch Leit derzou féiert, ze denken, dass wann deen nächste grouse Stueren kënnt, dann ass e vläicht an deem Sektor vum „shadow banking“, soudass et extrem wichtege ass, dass dee CRS sech ka mat där Realitéit och beschäftegen, wann et da muss sinn.

Et ass gesot ginn, dass muncher vun deenen Akteuren, déi aktiv sinn am „shadow banking“, elo scho reguléiert sinn, d'Fongen zum Beispill.

Anerer sinn et net. Ech denken do un onreguléiert Titrisationsgesellschaften. Mä et ass kloer, dass dee Secteur muss gekuckt ginn.

Et ass och geschwat ginn iwwert d'Information vum der Chamber duerch dee Comité du risque systémique. Et ass kloer, dass dee Comité jo muss e Rapport abrégé publiieren all Joers. An et ass awer gewënscht ginn an der Cofibu, dass iwwert dee Rapport abrégé do eraus d'Cofibu misst eng komplett - an d'Chamber misst eng komplett - Informatioun kréien och zu deene Recommandatiounen, Alerten an Avisen, déi zwar émettéiert ginn, déi awer net verëffentlecht ginn.

Ech kommen zu engem Schluss, Här President, ech weess, dass ech schonn iwwert der Zäit sinn.

D'LSAP begreißt ausdrécklech, dass dëse CRS elo kënnt. Et ass richtig, dass mer als Land do net am Peloton de tête sinn, mir si souguer éischter bei deene Leschten, déi esou e Comité kréien. Dat ass effektiv regrettable. Dat ass och haaptsächlech vun der Zentralbank monéiert ginn, well mer effektiv am Abléck réputationnel souwéiso net esou gutt dostinn, soudass et eis gutt zu Gesiicht gestanen hätt, wa mer e bëssen éischter domat komm wäeren. Dat ass awer sécher net eleng de Feeler vun dëser Regierung. Déi fréier Regierung huet och do sécher eng Responsabilitéit dobäi.

Voilà, ceci dit, begreisse mer dëse Comité. Dee wäert zu enger méi sécherer a resilienter Finanzplaz bäidroen, am Sënn vun der Wirtschaft vun dësem Land an och vun de Leit.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren. Ech ginn natierlech den Accord vu menger Fraktioun. An ech entschëllege mech fir de Retard.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Entschëllegung ugeho! Dir sidd bis elo a gudder Gesellschaft.

(*Hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Sou, den nächste Riedner ass den Här Henri Kox,...

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Här President, Merci fir d'Wuert. Ech denken, dass...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - ... deen elo de Retard ophëlt.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Ech huelen dann de Retard op. Mengen dräi Virriedner dierf ech da Merci soen, well si sinn ausféierlech op de Rapport agaangen. Fir d'Éischt wëll ech awer dem Rapporteur fir déi ausféierlech méndlechen Presentatioun Merci soen, awer och fir déi schréfftlech.

Déi zwee Virriedner hunn d'Detailer scho beschwat. Och mir als gréng Fraktioun si mat dësem Projet averstanen. Et ass en typesche Lëtzebuerger Modell, wat mer fonnt hunn, wou mer déi dräi institutionell Kommissiounen beoptragt hunn, fir dee Comité ze bilden, an dann d'Supervisioun, respektiv zesumme mam Ministère hei dann deen CRS, also dee Comité du risque systémique opzebauen.

Ech denken, mir kënnen domadder ganz zefridde sinn. A mir ginn domadder den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Kox. Ech mengen, da wär et um Här Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. De Rapporteur an och den honorable Franz Fayot hunn eigentlech gewisen, dass et schued ass, dass mer dee Punkt hei mam Modèle de base behandelen, well et wierklech schwéier ass, fir a fënnf Minutten esou ee wesentleche Punkt ofzehaken. Ech versichen awer mäi Besch!t!

E Paradigmewiessel an der europäescher Finanzpolitik ass ons versprach ginn. Dofir, esou heescht et, sollen d'Konsequenzen aus der Finanzkris vum 2008 gezu ginn. Mä grad dat ass net geschitt! Esou gëtt zwar festgestallt, dass net nëmmen onreglementéiert Hypothékekreditter - Stéchwuert „subprimes“ -, mä virun allem och den Handel an d'Spekulatioun domadder, d'Sich no maximalem Rendement an no ongebremsstem Profit ouni Rücksicht op Risiko a Verloschter a verstoppt hannert onduerchsichtge Finanzprodukten zur Kris vum 2008-2009 gefouert hunn, mä d'Léieren draus ginn net gezunn.

Déi éischt Léier, déi net gezu gëtt, ass déi: Haut geet d'Spekulatioun mat deeneselwechten an ähnleche Produite mat vollem Elan weider, och zu Lëtzebuerg!

Zweet Léier: 2008-2009 hunn d'EU-Staten - virun allem hir Bierger - d'Banken europawäit mat 1.600 Milliarde gerett, entgéint alle Regele vum Verursaacherprinzip. An et geet hinne

gutt! D'Bonien an d'Dividende sinn haut méi grouss wéi jee.

Trotzdem hunn d'Banken an d'Fongen haut och nach net déi noutwendeg Kapitaldecken, fir hir Risikoe vun hirer weidergeféierter Spekulationspolitik selwer ze droen. D'Strestester, déi dat sollten iwwerpräiwen, hunn zwar eng Rei Upassunge verlaangt, sinn awer vill ze niddreg ugesat an hunn eng ganz Rei Beräicher ausgeklammert, Stéchwuert „Shadow-Banken“, iwwert déi mer jo och schonn an der Kommissioun diskutéiert hunn a wou et awer net nëmmen ëm Kreditter geet an et och grad zu Lëtzebuerg wichtege ass, dass ee grad dee Beräich am A behält.

Ech wëll lech e Beispill ginn zu deem, wéi dat gelaf ass: Déi däitsch CDU/CSU-SPD-Regierung huet d'Hypo Real Bank verstaatlecht an d'Obligatiounen mat iwwerholl. Doduerjer krut d'Deutsche Bank, bei där d'Hypo Real Bank 20 Milliarde Schold hat, déi 20 Milliarden aus der däitscher Statskeess zrëckbezuelt. Esou finanziéieren déi däitsch Bierger net d'Griichen, wéi si virgemaach kréien, mä hir eege Banken, déi méi Benefisser maache wéi jee.

Drëtt Léier: D'Europäesch Zentralbank dierf haut nach ëmmer kengem Stat direkt Sue léien. Och dozou e Beispill: 2011 huet d'Europäesch Zentralbank der Deutsche Bank - fir da bei där ze bleiwen - eng Milliard fir 1% Zënse geléint. D'Deutsche Bank huet Griichenland an Irland déi Sue weiderverléint fir 13% respektiv 10% Zënse an huet also esou iwwer Nuecht all Joers 100 bis 120 Milliounen Euro verdéngt, ouni eppes dofir gemaach ze hunn. An déi bezuelen déi griicheschen a ireschen Bierger duerch hir Austeritéit a Sozialkierzungen, während déi däitsch Bierger Hartz IV ocsch troyéiert kréien an et de Banquieren exzellent geet!

Wann ech dat héieren, Här President, da muss ech immens oppassen op mäi Mëttelfanger, dass ech do net deen däitsch-griichesche Krämpchen dra kréien, mä dat mécht ee rosen!

An elo wëllt d'Europäesch Zentralbank de Banken europawäit all Mount 60 Milliarden - innerhalb vun 19 Méint insgesamt 1.140 Milliarden Euro - am Austausch zu zum Deel faule Pabeiere ginn, an der Hoffnung, dass déi se an d'Realwirtschaft investéieren. Mä näischt ass méi sécher (veuillez lire: méi onsécher) wéi dat. D'Gefor ass grouss, dass déi Suen éischter - genee wéi virun 2008 - an d'Spekulatioun an an dubieis Produkter investéiert ginn an domadder déi nächst Kris net nëmmen net verhënnert gëtt, mä virbereet gëtt. D'Ursaache vun esou enger Politik leien op der Hand. D'Banklobby, d'Finanzkapital regéiert an Europa a weltwäit, och zu Lëtzebuerg!

Natierlech ass eng europäesch Opsicht iwwert d'Finanzinstitute noutwendeg, mä dass grad d'Europäesch Zentralbank déi maache soll, dat kann net fonctionnéieren. Net nëmmen, well dat eng Verméschung ass mat aneren Aufgaben a Funktiounen, déi d'Europäesch Zentralbank huet, mä am Europaparlament huet misse driwwer gestridde ginn, dass d'Europäesch Zentralbank an hirer Funktioun als Opsichtsbehörd dem Europaparlament iwwerhaupt minimal Informatiounen iwwert den Zoustand vun der europäescher Finanzindustrie liwwere soll. Woubäi d'Europäesch Zentralbank an där Funktioun sech eigentlech der Kontroll vum Europaparlament ënnerwerfe misst!

Ähnlech ass et zu Lëtzebuerg, wou d'Parlament - am Géigesaz zu verschiddenen Illusiounen, déi nach schéngen ze bestoen - ausser engem Rapport all Joers net vill matzeschwätze kritt iwwert d'Aarbechte vum Comité du risque systématique, deen haut soll agesat ginn an an deem nieft dem Vertrieeder vum Finanzministerium just Vertrieeder vun der Finanzlobby sëtzen. E Comité, dee seng Ziler, genannt „objectifs intermédiaires“, selwer fixéiert a kenger demokratescher Kontroll ënnerläit!

Aus all deenen Ursaache wäerte mir géint dee Projet de loi do stëmmen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Turpel. An d'Wuert huet elo de Finanzminister.

An ech géif d'Kolleginnen a Kollege bidden, wa se wichtege Saache mateneen ze beschwätzen hunn, dat wann ech gelift net heibannen ze maachen. Merci.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Dir Dammen an Dir Härren, Här President, fir d'Éischt e grouse Merci un de Rapporteur, den honorablen Eugène Berger, fir säi méndlechen an och ausféierleche schréfftleche Rapport.

Trotzdem dass mer e Modèle de base hei gewielt hunn - oder Dir e gewielt hutt -, mengen ech, entgeet kengem d'Wichtigkeet

vun dësem Gesetz. Wat ganz richtegerweis gesot ginn ass: dass dëst Gesetz an engem Moosaik vu villen anere sech areit an dass mer d'Diskussiounen iwwert de Kader, dee ronderëm eis Finanzplaz kënnt, wäerten oft hei féieren.

Dee Kader evoluéiert ganz séier. An dat ass e Resultat vun der Weltfinanzkris, iwwert déi ee sech kann esou vill opreege wéi ee wëllt, déi nun eben einfach eng Realitéit ass, déi stattfonnt huet, an do gëtt et ganz vill Gremien, déi sech drëm bekëmmern, fir dat an d'Richt ze kréien.

D'Europäesch Unioun ass ganz bestëmmt déi Plaz, wou déi meeschte Regelunge geholl gi sinn. Do kann ee sech zum Deel driwwer opreegen, dass aner Plazen net esou vill Regelungen unhuelen, mä domat ass d'Europäesch Unioun awer dann, wéi esou oft, a verschiddene Sujeten de Pionéier an deen, deen de Wee weist.

Mir als Lëtzebuerger Regierung an als Lëtzebuerger Parlament froe jo ëmmer e Kader, dee méi global ass. Mir nennen dat op Englesch dann „level playing field“. Dir kënnt drop zielen, dass d'Regierung dat ëmmer verteidegt a sech asetzt, fir dass d'Spillregele weltwäit déiselwecht solle sinn.

Ech wëll awer och soen, dass et fir Lëtzebuerg eng Chance ass an deem heite Kontext, dass Europa vill légiféréiert huet - an ech kucken do iwwert de Projet vun haut ewech -, well dat eis vill méi Sécuritéit gëtt. Wa mer elo eng Bankenunioun hunn, eng gemeinsam Supervisioun vun de systemesche Banken, wa mer muer, vun 2016 un e gemeinsame Fong hu fir d'Resolutiounen, en fait d'Faillite vun de Banken ze regelen, jo, da kréie mir en europäesche Präbbeli, deen eis protegéiert. A mir brauchen net wäit kucken ze goen, wat geschitt ass an deene Länner, déi ebe keen esou e Präbbeli hunn, wat fir Konsequenzen dat huet!

Et ass vill iwwert d'Zentralbank geschwat ginn, zu Recht. Déi huet eng ganz wichtege Roll ze spillen. A verschiddene Länner an Europa ass d'Zentralbank de Supervisor. Do war et einfach, do louch et op der Hand, dass dann dee Supervisor, deen dann „Zentralbank“ an deene Länner heescht, och de Comité du risque systémique en fait iwwerhëlt.

Dat mécht an engem Land wéi Lëtzebuerg, dat mécht och an engem Land wéi Däitschland oder Frankräich awer kee Sënn, well mir déi Responsabilitéiten vun der Supervisioun eben opgedeelt hunn. An dofir hu mir de Modell vun Däitschland a Frankräich geholl, net nëmmen, well dat eis zwee grouss Nopeschlänner sinn, mä well mir eng ähnlech Aarbechtsverdeelung hei hunn. Mir hu fir d'Supervisioun d'CSSF an de Commissariat aux Assurances, dat ass eben eng Realitéit. An dofir wollte mer där Realitéit Rechnung droen.

Ech mengen, et ass awer och wichtege ze verstoen, dass mer, andeem mer elo e Collège hei maachen, doduerch eis Gesetzgebung och respektéieren. Wa mer elo e Comité du risque systémique gemaach hätten, deem mer speziell Kompetenzen a Befugnisser ginn hätten, jo, da wäeren déi a Kontradiktioun zum Deel gewiescht oder an Opposition mat Pouvoiren, déi existéierend Institutiounen zu Lëtzebuerg hunn. An dat wollte mer onbedéngt éuvéieren.

Ee Wuert vläicht grad zur CSSF, déi net vill ernimmt ginn ass, mä déi och eng ganz wichtege Roll hei spillt. D'CSSF superviséiert jo d'Banken haut an huet ganz vill Pouvoiren a soll déi och behalen. An et ass, well d'CSSF en fait scho macroprudentielle Regelungen a Betruecht gezunn huet, dass déi Lëtzebuerger Banken, déi vu Frankfurt aus gekuckt ginn, esou gutt dostinn. Ech erënneren drun, dass déi sechs Banken, déi dann zu Lëtzebuerg systemesch sinn, alleguerde gréng Luucht krute bei der Banque centrale européenne, well se alleguerden d'Liqiditéiten an alleguerden d'Kritären anhalen. Et bien, och dofir, well d'CSSF extra Pufferen, extra Coussine scho virgesinn huet, ier mer de Comité du risque systémique haten.

Dofir sinn ech och ganz zouversichtlech, dass mer wäerten eng grouss Kohärenz zu Lëtzebuerg fannen an deem Comité, wou ech dann als Minister, deen zoustänneg ass fir d'Finanzplaz, wäert selwer dra siégéieren. Ech freeë mech, dass mer och e Konsensus zwëschen allen Institutiounen fonnt hunn, fir der Zentralbank d'Sekretariat vun dësem Comité du risque systémique ze ginn, wat déi speziell Roll vun där Institutioun soll ënnersträichen. An et ass och an där Hिसicht wichtege, well de Comité du risque systémique vu Lëtzebuerg muss jo a Koordinatioun schaffe mam Comité du risque systémique, deen et um europäeschen Niveau an der Europäescher Zentralbank gëtt.

E Wuert zu der net rapider Transposition vum der Direktiv. Dat ass net gutt! Ech kann lech just soen, dass mer versichen, fir all déi aner,



déi nach um Wee sinn, séier ze schaffen. Dat ass an deem heite Kontext net einfach! Dat ass och nach net méi einfach gemaach ginn, well en fait den Avis vum Conseil d'État an den Avis vun der Lëtzebuurger Zentralbank an entgéintgesate Richtunge gaange sinn a mer och do hu missen e Kompromëss fannen. Ech muss zwar soen, dass dat ons, mengen ech, gutt gelongen ass an dass d'Diskussioun an der Cofibu a mengen Aen exzellent war an ech nëmme ka soen, dass mer aus där Expérience kënnen léieren, wéi mer och esou e wichtige Projet an der Cofibu kënnen konstruktiv mateneen diskutéieren.

D'Informatioun vun den Institutiounen zu Lëtzebuerg ass e wichtige Punkt, deem ënnerstrach ginn ass. D'Chambre des Députés an de Conseil de Gouvernement kréien e Rapport annuel. A mir wäerten all Joers op d'mannst eng Réunioun an der Cofibu hunn, fir iwwert d'Aktivitéit vum Comité du risque systémique ze schwätzen. An ech mengen, dat ass ganz gutt esou.

Ech mengen, mir hunn also domat en équilibréierte Projet. Ech freeë mech, dass d'grouss Majoritéit vun den Deputéierten hei wäert kënnen dozou positiv stëmmen. Dat ass wichtig! Dat ass wichtig fir eis Finanzplaz. Dir wësst, an ech soen et bal all Kéiers, wann ech d'Geleeënheet hunn, iwwer eis Finanzplaz hei ze schwätzen, dass ech do alles drusetzen, fir an der Kontinuitéit ze schaffen, déi iwwert déi lescht Jorzéngte bestanen huet. Wat net heescht, dass mer verschidde Saache sollen anescht maachen, mä dass mer iwwer esou wichtig Gesetzter wéi dat heiten esou eng breet Majoritéit hunn, fannen ech eng ganz gutt Saach!

Ech profitéiere vun der Geleeënheet, well ech eng Fro iwwert d'Lëtzebuurger Zentralbank krut, obwuel dat elo net wierklech de Sujet hei ass, fir awer e puer Wuert driwwer ze soen. D'Ennerkapitalisatioun, déi vun der Zentralbank vu Lëtzebuerg selwer ënnerstrach ginn ass, ass e Problem, dee bekannt ass an deem et säit laanger Zäit gétt. Dës Regierung huet schonn am Laf vum leschte Joer mat der Zentralbank doriwwer geschwat an et bestoung scho virun deenen Deklaratiounen, déi gemaach gi sinn, e Verständnis, dass am Laf vun deem Joer dozou eng Léisung muss fonnt ginn.

Ech kann nëmmen hei nach eng Kéier ënnersträichen, dass d'Regierung wëlles huet, dës Joer Léisungen ze degagéieren, fir d'Augmentatioun vum Kapital esou ze gestalten, dass d'Kapital vun der Zentralbank adequat ass. A mir wëlle Léisunge fannen, déi an der Zäit sech strecken, déi also progressiv geschéien. Mir wëllen eng Léisung fannen, déi der Zentralbank op der Zäitachs, dat heescht an der Durée Satisfaktioun gétt. D'Zentralbank ass e wichtegte Stéck vun eisem Land. Et ass e wichtigen Akteur an der Kredibilitéit vun eiser Finanzplaz an dofir wäerte mer derfir sorgen, dass dat doten elo alles schätzeg geschitt.

Ech soen lech alleguerte Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Finanzminister. Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6653 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

De Projet de loi 6653 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen.

(Interruptions)

► **Une voix.** - Et war mir ze séier gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ouh? Ech hunn awer 60 Leit, déi ofgestëmmt hunn.

(Interruptions)

Dat ass kee Problem. Et ass jo „Jo“?

► **Une voix.** - Jo, jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Okay, Merci villmools! Dat gétt berücksichtegt. Ech mengen, et ass schonn!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par Mme Martine Mergen);

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges

Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Sidd Der bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Da soen ech Merci an dann ass dat esou déci-diéiert.

A mir géifen direkt zum nächste Punkt iwwergoen. Och do ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur huet d'Wuert zum Projet de loi 6764 iwwert d'Cité policière.

Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

4. 6765 - Projet de loi relatif à la cession d'un terrain domanial au Fonds de compensation commun au régime général de pension

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi, zu deem mer elo de Rapport maachen, ass ufanks des Joers vum Finanzminister déposéiert ginn. D'Chambre des Salariés an d'Chambre de Commerce hunn hiren Avis ofginn. De Statsrot huet säin Avis den 10. März ofginn. A mir hunn de Rapport an der Finanz- a Budgetkommissioun den 13. März ugehall.

Här President, de Gesetzesprojet gesäit vir, dass de Stat dem sougenannten „Fonds de compensation commun au régime général de pension“ en Terrain verkeeft, op deem da ka gebaut ginn. Den Terrain ass 76,78 Ar grouss, huet eng Bebauungsfläch vu 37.000 m² a läit am Garer Quartier hei an der Stad, an dat méi genau tëschent der Rue de Hollerich, der Rue Mercier an der Rue du Fort Wedell. Dës Transaktioun wier am Wäert vu minimal 90 Milliounen Euro.

Wann de Pensiounsfong deesen Terrain bis huet, wäerten hei nei Bürosgebaier entstoen. Hei kënnen eng ganz Rei Administratiounen zentraliséiert ginn, an dorënner haaptsächlech d'Servicer vun der Sécurité sociale, déi am Moment an der Escher Strooss sinn. Dat sinn ëm déi 900 Leit, déi dann op d'Gare komme géifen.

Dat wier emol an enger éischter Phas. Spéider ass nämlech nach geduecht, fir och nach aner staatlech Administratiounen op d'Gare ze kréien, esou dass de Bierger hei op enger Plaz ganz vill verschidden Ulafstelle beieneen hätt. Ech mengen, dat géif de Leit d'Liewe bestëmmt méi einfach maachen, wa se alles beieneen hätten. An dat ass jo och am Sënn vun der Simplification administrative.

Da just nach: Wéi beim Gesetz, dat mer duerno wäerte stëmmen, stoung och dës Mesure d'lescht Joer am Zukunftspak an och hei hat de Statsrot proposéiert, iwwer en eenzelt Gesetz ze verfuieren.

Duerch de Verkauf un de Pensiounsfong vun engem groussen Terrain wäerten d'Administratiounen vun der Sécurité sociale op enger Plaz zesummekommen, an dat no bei der Stater Gare, esou dass d'Leit net wäit lafe mussen, fir hir Démarché kënnen ze maachen. Wéi am Zukunftspak schonn ugesprach ginn ass, muss d'Politik d'Uleies vun de Bierger ëmmer am Hannerkapp behalen. An dat ass hei sécherlech de Fall!

E Merci un d'Leit vum Finanzministère fir déi gutt Zesummenaarbecht! An ech ginn hei den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Et schéngt beim Här Rapporteur zu enger klenger Verwiesslung vu senge Riede komm ze sinn, well deem zweeten...

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.** - Ups, jo!

(Hilarité générale)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass awer net weider schlëmm! Ech mengen,

d'Chamber ass flexibel, an den Här Roth ass schonn an de Startbléck.

Dir hutt berichtege, dass et hei ëm d'Cessiou vun engem Terrain geet un de Fonds de compensation, an net ëm d'Cité policière! Den Här Rapporteur ass herno direkt nach eng Kéier dru fir d'Cité policière. Also, Dir hutt déi richteg Ried direkt, Här Roth?

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech hat Gott sei Dank opgepasst, dass ech net elo zur Cité policière géif schwätzen.

Dem Rapporteur Guy Arendt awer Merci fir säi schrëftlechen a säi mündleche Rapport. Ech mengen, en huet zum Schluss vu senger Ried gesot, dass dëse Projet ursprénglech an dem Spuerpak d'lescht Joer virgesi war an dass de Statsrot eng Opposition formelle gemaach huet, déi och formhalber war: nämlech, dass de Statsrot gesot huet, wann een en Engagement financier mécht am Akaf oder am Verkauf vum Stat, deem iwwer 40 Milliounen erausgeet, da muss een e Spezialgesetz huelen. Dat ass eng eigentlech strikt Lektür, déi de Statsrot vun der Verfassung mécht, an déi sollt een och am Kapp hu fir eventuell aner Gesetzter respektiv Projet-de-loien, déi nach en cours sinn.

Ech wëll nach eng Kéier kloer ënnersträichen, dass et och an dem neie Joer fir d'CSV keng Spuermoosnam ass, wann de Stat en Terrain veräussert! Émsou méi deesen Artikel, wéi d'Bauere géife soen, „an éischtklasseger Lag“ op der Gare läit, mat direkter Ubannung un den ëffentlechen Transport, souwuel den Zuch wéi de Bus.

De Präis vun deem Terrain, dee läit, wéi de Rapporteur et ënnerstrach huet, bei ronn 90 Milliounen Euro, déi de Stat géif kréien, wann en déi 77 Ar géif verkafen. Et muss een awer eppes derzousoen: dass an der Finanzkommissioun preziséiert gouf, dass dee Präis vun dem Terrain festgeluecht gouf eigentlech op déi potenziell Bürofläch, déi ee kéint bauen, an dat sinn 2.500 m² pro Bürofläch (veuillez lire: dat sinn 2.500 Euro pro Meter carré Bürofläch), déi errechent goufen. Dat heescht net, dass d'Gebai géif 2.500 Euro de Meter carré kaschten, mä et ass déi potenziell Notzung vun dem Terrain, déi de Präis vun dem Terrain sollt mat bestëmmen. Et geet een dervun aus, dass dat 37.000 m² sinn, wann ee vun engem CMU (coefficient maximum d'utilisation du sol) vu 5 ausgeet. Sollt de PAG vun der Stad Lëtzebuerg eng méi grouss Notzung erlaben, da géif de Präis kënnen no uewen ugepasst ginn. Duerfir steet och an dem Gesetzesprojet, dass et „au moins“ 90 Milliounen Euro sinn.

An ech mengen, do bemierkt de Statsrot mat Recht, dass eigentlech keng Kritäre festgeluecht goufen oder keng Konventioun bei dem Gesetzesprojet bäiläit, wéi de Präis géif evoluéieren, wa méi eng grouss Notzungsfläch machbar wier, wat eigentlech am Privatsecteur ëmmer de mise ass.

Et muss een awer hei soen, dass de Verkauf net un e privaten Entrepreneur oder private Promoteur geschitt, mä dass et un de Fonds de compensation ass an de Fonds de compensation bei sech selwer an de Statute stoen huet, dass e minimum 5% vu sengen Investissementen sollt an Immobilie maachen.

Mir stëmmen och duerfir als CSV-Fraktioun dëse Projet, well mer dat vun dem Objet hier sënnavoll fannen: éischstens, dass de Fonds de compensation deen Achat mécht, an zweetens, dass virun allem d'Notzung vun deem Terrain fir e Gebai geholl gétt, wat de Sozialversécherungen au sens large wäert zougeséichert ginn.

An ech mengen dee wichtigste Punkt ass deem, dass éischstens emol dat Gebai op der Escher Strooss, 125, route d'Esch, dass dat aus Asbestgrënn an anere Grënn net méi ka genotzt ginn. An zweetens, et muss een awer och ënnersträichen, dass déi Leit, déi hei an dat Gebai ginn, d'Bierger, dass dat der vill all Dag sinn an dass déi d'Ubannung un den ëffentlechen Transport op der Gare hunn. Duerfir kënnen mir dëse Verkauf vun dem Stat un de Fonds de compensation nëmmen ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. An nächste Riedner ass de Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Ech géif dem Rapporteur Guy Arendt Merci soe fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport. An ech mengen, et gétt deem net weider vill bäizefügen, soudass ech den Accord gi vun der LSAP-Fraktioun zu deem Projet de loi.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Fayot, deem den Accord vu senger Fraktioun bruecht huet - fir déi, déi et net héieren hunn.

(Hilarité)

An domat huet den Här Kox d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Jo, och vun der grénger Fraktioun e Merci un de Rapporteur. An ech bréngen och gläichzäiteg den Accord vun eiser Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet d'Wuert den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir stëmmen derfir, dass de Fonds de compensation deen Terrain do solle kënnen kréie fir 90 Milliounen. Ech wëll ervirsträichen, wat den Här Roth och gesot huet, dass sech hei baséiert gétt am Bericht och dorobber, dass et ee vun de strategeschen Objektiv vum Investissement vun deem Fong soll sinn, fir e Minimum vu 5% an den Immobilien ze investéieren.

Ech erlabe mer awer, an deem Zesummenhang zwou Froen opzeweieren. Déi éischt Fro ass déi: Deen Immobilier, dat sollen eiser Meenung no awer net nëmme Büroe sinn, mä et soll ee wierklech haart driwwer nodenken, dass de Fonds de compensation och méi aktiv gétt am Wunnengsbau. Ech kéint mer virstellen, dass de Fonds de compensation kéint effektiv de Leit, déi Sue brauchen, Kreditter zur Verfügung stellen zu engem Taux, dee fir d'Leit akzeptabel ass an och fir de Fong akzeptabel ass. Et ass sécherlech eng Diskussioun, déi mer solle féieren.

Zweetens, wat d'Investitiounspolitik vum Fonds de compensation ugeet, wëll ech drun ernennen, dass viru Joren den André Hoffmann hei d'Politik vun Investitiounen a Firmaen, déi Minne produzéieren, opgeworf huet. Dorobber hin ass eng Ännerung geschitt. Mir stellen awer haut nach fest, dass awer trotzdeem och nach eng ganz Rei Investissementer geschéien an aner méi dubiéis Firmaen, siefen et der, déi am Produktionsberäich vun de Waffen tätég sinn, sief et, wéi d'Klimabündnis, also Kyoto..., also „Votum Klima“ drop higewisen huet, dass se a Firmaen investéieren, déi am Ëmweltberäich an och am Kyoto-Beräich ganz schiedlech sinn.

Dofir begrësse mir et och ausdrécklech, dass mer an der zoustänneger Kommissioun op Initiativ vun deene Gréngen deemnächst eng Diskussioun wäerte kréien iwwert d'Investitiounspolitik vum Fonds de compensation.

Ech hat jo och eng Question parlementaire dozou. Deen zoustänneger Minister ass och hei an hien huet sech an der Äntwert just am Fong geholl op dat beruff, wat bis elo décidéiert wier als Kader, un deem d'Gestionnaire vum Fong sech missten halen. Wann dat de Fall ass, solle mer wierklech zilstrebeg dorobber hischaffen, fir dee Kader eng Kéier ze iwwerschaffen an unzepassen, fir dass esou Saachen net méi virkommen.

Dat gesot, stëmmen mir elo punktuell fir dee Punkt do an deem Projet. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Turpel. Dann huet d'Regierung elo d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech freeë mech, dass mer Unanimitéit hunn op deem heite Projet.

Fir d'Éischt emol: Effektiv ass hei e juristesche Punkt vum Conseil d'État opgeworf ginn, dee mer mussen zur Kenntnis huelen, dass en eng Interpretatioun stricte huet, dass, wann ee Gebailechkeeten oder eben en Aktiv keeft, deem iwwer 40 Milliounen Euro - 42 Milliounen Euro - ass, ee muss dann e Gesetz stëmmen. Dat hu mer dann och hei gemaach. Ech sinn och frou, dass mer dat konnte séier maachen, well et waren Délaie mat där ganzer Operatioun verbonnen, a mir sinn nach hei an den Délaien.

Zweetens zum Präis: Effektiv ass eng gewësse Flexibilitéit dran, wat, mengen ech, och ganz responsabel ass, et ass ervirgestrach ginn. A vu dass den Acheteur de Fonds de compensation ass, ass dat eng Méiglechkeet gewiescht, fir déi Flexibilitéit anzubauen, ouni ze vill an den Detail ze goen, méi Méiglechkeeten ze hunn, eng Adaptatioun ze maachen.

En drëtten Punkt ass richteg ënnerstrach gi vu villen, dat ass, dass déi Lag vun deem Terrain extrem gënschteg ass. A wa mer effektiv vill Clienten, vill Bierger hunn, déi dohinner wäerte goen, déi wäerten apprécieieren, dass se do mam Zuch kënnen hikommen. Dat ass also och gutt fir d'Mobilitéit a fir de Service client.

Véierte Punkt, dee gemaach ginn ass, ass, dass de Fonds de compensation soll 5% an Immobilien investéieren, wat eng Politik ass mat enger gudder Diversifikatioun. Hei sinn elo Bürosgebaier. Ech weess net, wat den Detail vun der